LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

Luxembourg Defence Open Air Days: d'Lëtzebuerger Defense invitéiert op d'Virféierung vun hirer Loft-Flott

LUXEMBOURG DEFENCE OPEN AIR DAYS

Save the Date

De Weekend vum 21. An 22. September 2024, vun 10 bis 17 Auer, invitéieren d'Direktioun fir Verdeedegung an d'Arméi den interesséierte Public am Kader vun de Luxembourg Defence Open Air Days op eng Presentatioun vun der Lëtzebuerger Loft-Flott um Findel.

Um Programm

Déi follgend Fligere an Helikopter ginn dee Weekend augestallt:

- Airbus A400M – Transportfliger aus der binationaler Belsch-Lëtzebuerger Flott
- Airbus A330 Multi-Role Tanker Transport (MRTT) - strateegesche Fliger fir den Transport, d'Loftbetankung an déi medezinesch Evakuéierung aus der multinationaler Flott MRTT (MMF - Multinational MRTT Fleet), déi aus sechs Natiounen zesummegesat ass (Däitschland, Belsch, Norwegen, Tschechesch Republik, Holland a Lëtzebuerg)
- Lockheed F-16 – Kampfjet vun der Belscher Loftwaff fir de Schutz vum BeNeLux-Loftraum
- Beechcraft BE350 ISR – Fliger fir Opklärungs- a maritim Iwwerwaachungsmissiounen, dee bei der DEA Aviation kontraktéiert gëtt an deen zurzäit am Kader vun der IRINI Missioun fir d'Sécherung vum Mëttelmier op EU-Mandat agesat gëtt
- Airbus H145M – liichten Helikopter vun der Lëtzebuerger Arméi, deen der Police Lëtzebuerg fir Iwwerwaachungsmissiounen a Sichaktioune vu Persounen zur Verfügung gestallt gëtt
- Insitu Integrator – SRTUAS (Short Range Tactical Unmanned Aerial Systems) Dron fir Opklärungs- an taktesch Iwwerwaachungsmissioune vun der Lëtzebuerger Arméi
- SIAI-Marchetti SF260 trainer – Fliger vun der Belscher Loftwaff, dee fir d'Ausbildung vun de Lëtzebuerger a Belsche Pilot·inn·en benotzt gëtt
- Learjet 45 – vun der Luxembourg Air Rescue, dee fir d'Veredeedegungsdirektioun medezinesch Evkauatiounsmissioune flitt
- Piper L-18C – historesche Fliger, dee vun der Lëtzebuerger Arméi tëschent 1957 an 1967 fir Beobachtungsmissiounen a Courrier benotzt gouf

Op der Plaz sinn och Spezialist·inn·en a militärescht Personal, déi dës Fligere fléie kënnen, fir eventuell technesch oder praktesch Froe vum Public ze beäntwerten. Et sinn och Expert·inn·en op der Plaz, déi iwwer méiglech Karriären an Ausbildungen informéiere kënnen.

Obschonns d'Lëtzebuerger Arméi uganks vun de 60er Joren 3 liicht Iwwerwaachung- an Observatiounsfligeren an hirer Flott hat, handelt et sech, historesch gesinn, ëm eng Land-Arméi, déi am Beräich vun der Opklärung spezialiséiert ass. Fir national an international (EU, NATO) Besoinen ze

decken, huet d'Defense allerdéngs iwwert déi lescht Joren hir Loft-Capacitéiten ausgebaut. Opgrond vun der relativ gerénger Gréisst vum Land, vun der spezifescher Expertise, déi am Beräich vum militäresche Loftraum gefrot ass, an aus Effikassitéits-Grënn, huet dësen Ausbau gréisstendeels an enker Zesummenaarbecht mat vertrauenswierdegen internationale Partner oder am Kontext vu multinationale Programmer stattfonnt. Esou huet d'Defense haut Zougank zu enger ganzer Gamme u Fligeren, wouvunner en Deel aus operationelle Grënn am Ausland stationéiert ass.

Praktesch Informatiounen

Eng Umellung ass obligatoresch, an de Link fir sech unzemelle gëtt den 2. September veréffentlecht!

D'Veranstaltung gëtt an engem gesécherten Deel vum Fluchhafen Findel organiséiert. Dës Zon ass just iwwert eng Navette z'erreechen, déi lafend tëschent dem "Parking DuPont de Nemours" an dem Event-Site circuléiert.

Um Site ass just eng limitéiert Unzuel u Persounen autoriséiert. Dofir muss ee bei der Umeldung en Horaire uginn. Den Accès zum Site an zur Navette ass just zu dësem ausgewielten Horaire méiglech. D'Participante ginn dofir gebiede sech pünktlech um entspriechende Parking ze presentéieren.

Accès op de Parking DuPont de Nemours:
Rue Général Patton, 5326 Contern
Mam Auto (Google Maps)
Ëffentlechen Transport: Gare Sandweiler-Contern oder Busarrêt Contern-Weiergewann op mobiliteit.lu